AMICALE DES ANCIENS RESISTANTS ET REFRACTAIRES
DU BUNKER EISEKAUL, ESCH-SUR-ALZETTE.
************************************************

Esch/Uelzecht, den 3o. November 1978.

P.P.

Mir sin ganz frou Iech mattdéilen ze können, datt eisen Errönnerungs-Zönteller esou weit ferdech ass, a mir ën an den éischten Deg a Bestellong gin können.

Hien huet als Motif de Cliché vun eisen Programmer déi mir bei Gelenhéit vun der Inauguratioun vun eisem Monument ver=scheckt hun. De Motif selwer gouw op 145 mm vergréssert an dën Teller huet eng GréSst vun 24o mm. Esch/Uelzecht gouw durch t'Nimm vun den Resistenzgrouppen L.R.L. a PI-Men ersat. Den Teller als solchen ass ë Prachtsteck gin.

t'Bestellungen gin iwer den Subkriptiounswé u'geholl an zwar bis zum 15.Dezember 1978 einschliesslech. De Preis fir t'Subkriptioun beléft sech op 6oo,- Frang a muss bis zum vir=erwähntem Datum, siew ëtt op eisen Postscheckkonto Nummer 38235-17, siew ëtt op eisen Compte courant 5ooo / 1681 / 8 bei der Spuerkés a'bezuelt gin.

No dësem Datum gëtt eisen Teller zum Preis vun 7oo,- Frang verkaaft. Ëtt kann éin natirlech mé wé éin Teller bestellen.

Fir ze verhönneren, datt eisen Zönnteller ower éin Massenartikel gëtt, hun mir d'Editioun op 1oo Stéck limitéert. Dëss Steckzuel kanne nëmmen iwerschratt gin wann Subkriptioun dat erfurderen gew.

Mir profitéren fir allen Resistenzassociatiounen, esou wé allen Frönn, déi gehollef hun eist Monument zë ermeglechen, och denejenegen déi durch hir Präsenz bei der Inauguratioun selwer gehollef hun dëser Feier den nédegen Cachet ze gin, dén déi Patrioten, fir déi ëtt opgeriicht gouw, verdengt hun, nach eng Kéer Merci ze soen.

Matt frendschaftlechen Gréss,
fir de Comité

MATHIEU Pierre
secrétaire

BECKIUS Léon
président